LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82530

Réf :147/2019

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
25 MARS 2019

Luxembourg, le 25 mars 2019

Objet: Question parlementaire n° 421 de l'honorable Député Monsieur Marc GOERGEN

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de la Protection des consommateurs à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de la Protection des consommateurs à la question parlementaire n° 421 de Monsieur le Député Marc Goergen

- **Opgelëscht no Hierkonftsland an no Joer: wéi vill Kilo halalt Fleesch si säit 2015 a Lëtzebuerg importéiert ginn? Wéi vill Prozent dovu war biologesch? Opgelëscht no Joer: wéi vill Prozent vun de Fleeschprodukter, déi zu Lëtzebuerg verkaf goufen, waren als halal gekennzeechent? Wéi vill dovu ware biologesch?**

- **Awéifern ass d'Distributioun vun als halal gekennzeechentem Fleesch zu Lëtzebuerg konform mam Artikel 9 vum lëtzebuergeschen Déiereschutzgesetz vun 2018?**

- **Gesäit d'Regierung fir, lëtzebuergesch Verbraucher besser iwwert d'Ënnerscheeder tëscht Bio-Label aus der EU an aus dem Ausland opzeklären?**

Bedéngt duerch de Fait, dass an der europäescher Unioun de Prinzip vun der Libre Circulation vu Produite besteet, ënnert déi och d'Fleesch fällt, ginn et keng präzis Statistiken, wéivill Fleesch aus wéi enge Länner zu Lëtzebuerg op den Maart kënnt, sou dass hei och keng Quantitéite vun deene verschiddene Kategorie vun Fleesch (Halal, Bio) bekannt sinn.

Wat d'Origine vum Fleesch betrëfft, kann een hei nach eng Kéier drop hiweisen, dass eng gesetzlech Flicht besteet, d'Origine vu verschidde Fleeschzorten (Rand-, Schwénge-, Schof-, Geessefleesch a Gefligel) op der Etikett unzeginn, sou dass de Konsument kann decidéieren, wéi e Fleesch mat wéi enger Origine hie kafe wëllt.

Den Artikel 9 vum Déiereschutzgesetz seet, dass hei zu Lëtzebuerg Déieren, déi geschluecht ginn, am Virfeld musse betäubt sinn, wat bei der Produktioun vun Halalfleesch net erlaabt ass. Dëst Gesetz verbitt awer net, bedéngt duerch de Marché Unique, d'Kommercialisatioun vun halal produzéiertem Fleesch aus aaneren Länner, souwäit dëst der nationaler Reglementatioun vum Ursprongsland entsprécht, an domat ass d'Mise sur le Marché vun auslänneschem Halalfleesch hei zu Lëtzebuerg konform zum Déiereschutzgesetz souwéi och zur communautairer Legislatioun.

Den Konsumentenschutz – Ministär huet sech als Prioritéit gesaat fier den Verbraucher allgemeng besser iwwert Liewensmëttel ze informéiren.
Dofier soll eng Analys vun der aktueller Kennzeechnungs-Reglementatioun gemaach ginn, fier dann konkret Aktiounen dorauser oofzeleeden.